



**Réponse de Sam Tanson, Ministre de la Justice
à la question parlementaire n° 6433 du 30 juin 2022 des honorables députés
Claude LAMBERTY et Max HAHN**

- Wat war den Ausléiser vun den Attacken op d'Giischercher am Prisong Schraasseg de Mëttwoch 29. Juni 2022?

E mannerjäregen Détenu ass den 29. Juni 2022 op Schraasseg komm an hien huet d'Fouille corporelle duerch d'Beamten verweigert. Doropshin ass entscheed ginn d'Fouille am Détenu senger Zelle ze maachen. Den Détenu huet dunn eng Forschette aus Plastik an d'Fanger kritt an hien huet ugefaangen d'Beamten ze aggresséieren, mat Féiss ze rennen, mat de Fäisch ze schloen an ze bespäitzen.

- Wéi vill Incidenter gouf et an de leschte 5 Joer an de Lëtzebuerger Prisongen déi d'Sécherheet vun de Prisonéier oder dem Personal gefäerdet hunn ?

Hei ass d'Unzuel vun den Aggressiounen op e Member vum Personal iwwert déi lescht 5 Joer:

- 2018: 5 Aggressiounen op e Member vum Personal an 3 Tentativen ;
- 2019: 7 Aggressiounen op e Member vum Personal an 3 Tentativen ;
- 2020: 8 Aggressiounen op e Member vum Personal an 3 Tentativen ;
- 2021: 13 Aggressiounen op e Member vum Personal an 2 Tentativen ;
- 2022: 10 Aggressiounen op e Member vum Personal.

Hei ass d'Unzuel vun de Brenn an de leschte 5 Joer:

- 2018: 0
- 2019: 0
- 2020: 2
- 2021: 6
- 2022: 1

An d'Unzuel vun de Mouvements collectifs/Streiken:

- 2018: 5
- 2019: 2
- 2020: 1



- 2021: 0
- 2022: 0

- Gëtt d'Prisongspersonal ëmmer iwwert Menace vis-à-vis vun hinnen oder Membere vun hirer Famill informéiert ?

Jo, d'Prisongspersonal gëtt iwwert all Menace vis-à-vis vun hinnen oder Membere vun hirer Famill informéiert.

Meeschtens ass de Beamten selwer dobäi wann e Gefaangenen Drohungen géingt hien oder - vill méi seelen - géingt seng Famill ausdréckt. An deene ganz rare Fäll wou de Beamten net präsent war, kritt hien eng Copie vum "Compte-Rendu d'Incident" pour information a kann dann déi Schrëtter aleeden déi hien an deem Fall fir néideg hält.

- Wat gëtt de Giischercher am Fall vun enger seriöser Menace géint si oder géint Membere vun hirer Famill geroden ze ënnerhuelen ?

De Giischercher gëtt an deem Fall geroden eng Plainte bei der Police ze maachen. Den Détenu gëtt op eng aner Abteilung geluecht, sou dass hien kee Kontakt méi mat deem Agent huet. Dann kann och all Agent en appui psychologique bei der Fonction publique froen.

- Wat fir Moyen stinn de Giischercher zur Verfügung fir sech am Fall vun enger kierperlecher Attack ze wieren?

Am Fall wou am viraus gewosst ass, dass den Détenu aggressiv ass, intervenéiert de "groupe d'intervention Pénitentiaire" (GRIP), deen dat néidegt Equipement huet. Ausserdeem hunn d'Beamten op den Abteilungen Handschellen fir am Noutfall ze benotzen. Ab dem Hierscht, wann dat noutwenneg Material ukomm ass an di virgeschriwwen Formatiounen gemaach gi sinn, wäerten den Agenten zwee zousätzlech Moyen de Contrainte matériels zur Verfügung stoen fir sech géint Menacen vun Säiten vun den Détenu ze wieren.

- Wisou gëtt d'Immobilisatioun am Prisong anescht gehandhaabt wéi bei Interventiounen baussent dem Prisong ?

Bei den Immobilisatiounstechniken gëtt et keen Ënnerscheid ob se am Prisong oder ausserhalb vum Prisong ugewannt ginn.



- Ginn Ënnerscheeder gemaach wéi männlech oder weiblech Giischercher op gewalttäteg Situatiounen am Alldag virbereet ginn ?

Nee, et ginn keng Ënnerscheeder gemaach wéi männlech oder weiblech Giischercher op gewalttäteg Situatiounen am Alldag virbereet ginn.

Lëtzebuerg, den 26 Juli 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson